



ALEM

Association Luxembourgeoise
des Etudiants en Médecine



Chloé - Freiburg - 4. Joer

Juli 2020 - Vilnius, Litauen

Sveiki (Moien): Hei ass mäi Rapport aus Vilnius/Litauen, wou ech meng Famulatur an der orthopedescher Chirurgie verbruecht hunn.

Ech sinn den 30.6 mat ganz wéineg Erwaardungen hei zu Vilnius geland. Ech hunn mech op dësen Austausch ursprénglech agelooss fir mat internationale Studenten a Kontakt ze trieden, eng Famulatur op Englesch kennen ze absolvéiere wéi natierlech och d'Land, d'Kultur an och en



neie Gesondheetssystem kennen ze leieren. Des Iddie si bei wäitem iwwertraff ginn! Obwuel d'Pandemie ganz vill Studente gezwongen huet de Stage ofsoen, hunn mir trotzdeem en flotte kleng Grupp mat dësen Nationalitéite gebild: Griicheland, Italien, Slowenien, Spuenien, Malta, a Lëtzebuerg natierlech. Mir sinn all an engem Studentenheem ënnerbruecht, wou mir eis zu 2 oder 3 en Zëmmer deelen. Eng Kiche steet an all Gank zur Verfügung a war bis elo ganz wéineg besat, well ganz vill Studenten, déi soss hei studéieren, momentan bei hirer Famill sinn.

Mam Bus (1h) bzw. mam Taxi (15min), deen hei weit vun de Lëtzebuerger Präisser ewech ass, fuere mir moies an d'Spidol. Vu dass mir all zesummen an engem Gebai ënnerbruecht sinn, treffe mir eis oft an der Mëttesstonn an der Kantin. Besonnesch ze empfeelen ass se, wann's du gäre Fleesch a Gromperen ëss: d'Litauer kënne mat dësen zwou Zutaten sou vill verschidde Platen erstellen, du wäerts verwonnert sinn! De Stage a sech ass eng Erausforderung: Et gétt vill ob Litauesch geschwat, och wann déi Jonk all perfekt Englesch kennen. Deementspriedend géing ech éischer e chirurgesch Fach wielen. Mat e bësse Motivatioun a Wëlle fënnt ee séier en Dokter/Resident deen Zäit huet an engem vill erkläert. Assistéieren ass ëmmer willkomm, well d'Operatiounen oft keen zweeten Assistent ageplangt hunn, sou mat huet een ëmmer eng Chance matzemaachen. Och vun den aneren Départementer wei vaskulär Chirurgie, HNO-Chirurgie an Anästhesie hunn ech nëmme Guddes héieren! Obwuel d'Spidol am Verglach zu eise Gebaier net sou modern ausgesäit, géing ech behaupten dass d'medezinesch Ausstattung bal déi selwecht ass.



ALEM

Association Luxembourgeoise
des Etudiants en Médecine



Elo mol zu dem Fräizäitdeel: D'Litauer sinn extrem motivéiert wat de soziale Programm ugeet! Mir hunn ee Weekend an engem ‚Hobbit‘ House beim Séi geschlof. Hei konnt jiddereen eng Spezialitéit vu sengem Land virstellen a mir hunn dësen Owend genotzt d'Incomings vu Vilnius a Kaunas kennen ze léieren! Den zweete Weekend ware mir beim Mier. Vun Beachvolleyball bis engem buerféiss Trail am Bulli war alles dobäi! En absolutten Highlight. An der Woch si mir ënner anerem och bei engem Litauerin heem ageluude ginn, fir en traditionelle ‚Kugelis‘ ze iessen: eng Aart Gromperekuch mat Champignon Zooss an net ze vergiesse mat Sauerram (en Accessoire deen all Plat muss hunn). Niewebäi gouf et litauische Karaoke. De soziale Programm war enorm: mir hunn esou vill ënnerholl, et war wierklech eng schéin Zäit! Also falls du nach net entscheed bass, ob's du sou en Austausch matmaache wëlls oder nach Froen hues: Zéck net, dech ze mellen.

Sveikatą! (Prost!)